



2005 – 2017

INFOBLAT No. 20

DEZEMBER 2017

NEIEN INTERNETSITE VU MOIEN ASBL



Zënter dem 8. Dezember 2017 huet Moien asbl en neien Internetsite. De Site ass benotzerfrëndlech a bitt eng gutt Iwwersiicht iwwert d'Coursen an d'Aktivitéite vu Moien asbl. Fir Moien asbl bedeit dës Site eng grouss Erliichterung wat d'Gestioun vun de Coursen ugeet. De Benotzer gesäit elo direkt um Site, ob nach Plazen an engem Cours fräi sinn an huet d'Méiglechkeet, sech iwwert en Online-Formulaire fir e Cours unzemellen. Weider Informatiounen esou wéi nützlech Linke fannt Dir op <https://moienasbl.lu>.

Marianne

SCHOULJOER 2016/2017:

- ♦ 48 Coursë vum Niveau A 1.1 bis B 2.2
- ♦ 2 Jores -Sessiounen
- ♦ 2 Conversatiounscoursen
- ♦ 2 Orthographiescoursen op 2 Niveauen
- ♦ 1 Summer-Sessioun

884 Schüler hunn deelgeholl, 305 Männer a 579 Fraen vun 91 verschiddenen Nationalitéiten. Dat si bal 100 Leit méi wéi 2015-16.



647 Leit hunn e Certificat vum Ministère kritt, si hate méi wéi 70 % Presencen.

Statistique vum Alter vun de Schüler (männlech/weiblech):

- ♦ 18 Joer: 4/1
- ♦ 18-29 Joer: 54/87
- ♦ 30-39 Joer: 186/389
- ♦ 50 +: 61/102

Nom Erfolleg vun 2016 waren d'Summerintensivcoursen dëst Joer nees an enger eenzeger Sessioun vun Enn Juni bis Mëtt Juli mat engem ganzen Niveau vu 45 Stonne während dräi Wochen. Dat schénkt eise Schüler an eise Formateuren ze gefalen a mir fueren an deem Rhythmus weider.

Dëst Joer koumen och déi éischt Ufroe vu Leit déi vum neien Nationalitéitsgesetz wollte profitéieren an nach virun der Summervakanz hir Pabeieren an d' Rei wollte kréien. Eis Ufängercoursen an der Summer -Sessioun waren dofir gutt besicht a mir proposéieren elo nei Coursen am A 1.1 mat 36 Stonnen an dat vu September un.

Anne

FORMATEURSDAG: TRAIN THE TRAINER, de 25.11.2017



Mir, eng 30 Formateuren a Formatricen, hunn eis getraff, fir eis Erfahrungen auszetauschen, fir eis weiderzebidden an eppes Neies ze léieren.

No enger klenger Begréissung vun der Presidentin, dem Denise Heiderscheid, huet d'Madame Teodora Ludwig-Todorova hir Formatioun „Train the Trainer“ ugefaangen.

Um Programm stoungen e puer wichteg Themen:

D'Roll vum Sproocheproff,

d'Organisatioun an d'Struktur vum Cours,

an theoretesch sou wéi praktesch Aspekter vun der Wuertschazaarbecht.

Dës Aspekter, sollen engem Formateur et erméiglechen e Sproochecours esou intressant a léierräich ewéi méiglech ze halen.

Méi Gewiicht gouf an dëser Formatioun op d'Wuertschazaarbecht geluecht, déi beim Enseignéiere vun enger Friemsprouch onëmgänglech ass. Verschidden Denkestéiss, Iddien an Exercicer goufen och mat de Participanten diskutéiert a gemaach, esou datt jiddereen eppes vun der Formatioun konnt mathuelen an a senge Sproochecoursen uwenne kann.

Teodora a Sandy

VISITE VUN DER STAD: VU LIFT ZU LIFT, de 7.11.2017

E kuerzen Iwwerbléck vun dësem flotten a léierräichen Itineraire mam Här Roby Ensich, Guide beim LCTO.

Visite vun der “Hängebréck” ënnert der neier Bréck. Duerno bei der Gëlle Fra, d'Trapen erof an d'Péitruuss. Duerch de Péitruussdall laanscht den neie Skatepark, ënnert der aler Bréck erduerch, laanscht d'Quirinuskapell.



E klengt Stéck duerch d'Tilleschgaass an nieft dem Lofy sengem Haus bis bei d'Uelzecht an op d'Grënnesch Bréck zou. Weider giong et laanscht déi fréier Händschefabrik, den Uebstbongert an d'Melusina.

Duerch déi fréier Abteigäert de Wee erop op de Bock zou an ënnert der Schlossbréck erduerch an de Pafendall. Mam neie Lift giong et aus dem Dällchen zréck an d'Uewerstad.



Fotoen: Danielle an Hubert

COURS D'ORTHOGRAPHE**LËTZEBUERGESCH RICHTEG SCHREIWEN**

Aschreiwung an Iwwerweisung op: www.mojenasbl.lu

LA-LB-145-17-18		23/01 - 17/04	18:30 - 20:30	mardi	20h	ECG/Merl
LA-LB-146-17-18		08/05 - 12/06	18:30 - 20:30	mardi	20h	Mamer

Orthographiescours

23. Januar – 17. Abrëll 2018

Cours LA-LB-145-17-18 conventionnéiert vum MEN, Präis: 60€

10 Coursen am ECG zu Lëtzebuerg-Märel

dëschdes owes vun 18:30 bis 20:30 Auer

Orthographiescours (mat Kenntnisser vum 1. Orthographiescours)

8. Mee - 12. Juni 2018

Cours LA-LB-146-17-18 Suite conventionnéiert vum MEN, Präis: 30€

5 Coursen am Lycée Josy Barthel zu Mamer

Formatrice: Myriam Welschbillig

dëschdes owes vun 18:30 bis 20:30 Auer

LËTZEBUERGESCH COURSEN**Programm: 2. Sessioun****Januar – Mee 2018****Abschreiwung an Iwwerweisung op : www.moienasbl.lu**

Code	Niveau CECR	2018	Horaire	Jour	Durée	Lieu
LA-LB-143-17-18	A1.1	23/01 - 03/05	09:00 - 11:00	mardi, jeudi	46h	Mondercange
LA-LB-144-17-18	A1.1	22/01 - 30/04	18:30 - 20:30	lundi, mercredi	46h	Athénée
LA-LB-127-17-18	A1.2	23/01 - 03/05	09:00 - 11:00	mardi, jeudi	46h	Dippach
LA-LB-128-17-18	A1.2	22/01 - 30/04	18:30 - 20:30	lundi, mercredi	46h	Mondercange
LA-LB-129-17-18	A1.2	23/01 - 03/05	18:30 - 20:30	mardi, jeudi	46h	Athénée
LA-LB-135-17-18	A1.2	22/01 - 30/04	18:30 - 20:30	lundi, mercredi	46h	ECG/Merl
LA-LB-513-17-18	A1.2	22/01 - 30/04	18:30 - 20:30	lundi, mercredi	46h	ECG/Merl
LA-LB-130-17-18	A2.1	22/01 - 30/04	09:00 - 11:00	lundi, mercredi	46h	Dippach
LA-LB-131-17-18	A2.1	23/01 - 03/05	18:30 - 20:30	mardi, jeudi	46h	Athénée
LA-LB-132-17-18	A2.2	23/01 - 03/05	09:00 - 11:00	mardi, jeudi	46h	Strassen
LA-LB-133-17-18	A2.2	22/01 - 30/04	18:30 - 20:30	lundi, mercredi	46h	Athénée
LA-LB-134-17-18	B1.1	22/01 - 30/04	09:00 - 11:00	lundi, mercredi	46h	Strassen
LA-LB-136-17-18	B1.1	23/01 - 03/05	18:30 - 20:30	mardi, jeudi	46h	ECG/Merl
LA-LB-147-17-18	B1.2	23/01 - 03/05	09:00 - 11:00	mardi, jeudi	46h	Strassen
LA-LB-148-17-18	B1.2	22/01 - 30/04	18:30 - 20:30	lundi, mercredi	46h	ECG/Merl
LA-LB-149-17-18	B2.1	22/01 - 30/04	09:00 - 11:00	lundi, mercredi	46h	Strassen

Dëse Programm fannt dir op eisem neien Internetsite**www.moienasbl.lu**

COURS INTENSIFS D'ÉTÉ***SUMMER-INTENSIVCOURSEN***

Aschreiwung an Iwwerweisung op : www.moienasbl.lu

DU 25 JUIN AU 13 JUILLET 2018

45 heures lundi, mardi, mercredi, jeudi, vendredi : PRIX : 135€

15 séances à 3.00hrs en matinée du 25 juin 2018 au 13 juillet 2018

15 séances à 3.00hrs en soirée du 25 juin 2018 au 13 juillet 2018

CODE	NIVEAU	HORAIRE	LIEU
LA-LB-153-17-18	A1.1	09:00 - 12:00	Mondercange
LA-LB-154-17-18	A1.1	09:00 - 12:00	Dippach
LA-LB-155-17-18	A1.1	18:15 - 21:15	Athénée
LA-LB-156-17-18	A1.1	18:15 - 21:15	Athénée
LA-LB-157-17-18	A1.2	09:00 - 12:00	ECG/Merl
LA-LB-158-17-18	A1.2	18:15 - 21:15	Gasperich
LA-LB-159-17-18	A2.1	09:00 - 12:00	Strassen
LA-LB-160-17-18	A2.1	18:15 - 21:15	Athénée
LA-LB-161-17-18	A2.2	09:00 - 12:00	ECG/Merl
LA-LB-162-17-18	A2.2	18:15 - 21:15	ECG/Merl
LA-LB-163-17-18	B1.1	09:00 - 12:00	ECG/Merl
LA-LB-164-17-18	B1.1	18:15 - 21:15	ECG/Merl
LA-LB-165-17-18	B1.2	09:00 - 12:00	Strassen
LA-LB-166-17-18	B1.2	18:15 - 21:15	ECG/Merl

AKTIVITÉITEN 2016-2017


- Jorescours 1. Sessioun vu September bis Dezember 2016/2017
- 2 Conversatiounscoursen 2016/2017
- Jorescours 2. Sessioun vu Januar bis Enn Abrëll 2017
- Orthographiescours fir Ufänger am Januar, Februar a Mäerz 2017
- Orthographiescours fir Avancéen am Mee 2017
- Summer-Intensivcoursë vum 26. Juni bis de 14. Juli 2017
- Generalversammlung, de 24. Mäerz 2017
- 5 Comitëssëtzen: 24.3.17 / 28.4.17 / 16.6.17 / 10.11.17 / 22.12.17
- Festival des migrations, des cultures et de la citoyenneté, den 3., 4., 5. Mäerz 2017
- Journée pédagogique vum Service de la Formation des adultes de 24.3.2017
- Commission européenne :
«Foire interinstitutionnelle pour les nouveaux (INF)» den 8.6.2017
- Visite guidée an der Stad „Vu Lift zu Lift“ de 7. Oktober 2017
- Formateursdag, de 25. November 2017 „TRAIN THE TRAINER“
- E Chrëschtiesse mat de Comitësmemberen, den 22.12. als Ofschloss vum Joer

D'LËTZEBUGER SPROOCH AN DE MEDIEN

- Nei Léierbicher vum INL
- E Reportage vum Radio 100,7
- En Artikel aus dem Luxemburger Wort

**Am September 2017 sinn 2 nei Bicher
fir Lëtzebuergesch ze léieren erauskomm:**

- Niveau A1: Schwätzt Dir Lëtzebuergesch
6 Lektionen, fir d'Coursen A1.1 an A1.2
- Niveau A2: Schwätzt Dir Lëtzebuergesch
8 Lektionen, fir d'Coursen A2.1 an A2.2




SPROOCHECOURSEN

"ECH WËLL LËTZEBUGER GINN", de 17. Nov 2017 - 17:14

E Reportage vun der Journalistin *Tessy Steffen Koenig* vum Radio 100,7

mam Manette Hein a Sandy Morais, Formatricë vun der Moien asbl.

Net-Lëtzebuerger, déi zënter 20 Joer am Grand-Duché wunnen, kënnen duerch dat neit Nationalitéitgesetz méi liicht déi lëtzebuergesch Nationalitéit kréien. Si mussen allerdéngs noweisen, op d'mannst 24 Stonnen an engem Cours fir Lëtzebuergesch gewiescht ze sinn an e Cours iwwer d'Zesummeliewen zu Lëtzebuerg gemaacht ze hunn. D'Tessy Steffen Koenig war an den Athenée an der Stad an huet un engem Cours, fir Lëtzebuergesch ze léieren, deelgeholl



Der Manette Hein, Formatrice vun der MOIEN asbl, hir Studente wunnen all op d'mannst 20 Joer zu Lëtzebuerg an hunn d'Zil, déi lëtzebuergesch Nationalitéit ze kréien.

Wie besicht Coursë fir Lëtzebuergesch?

Vill Leit, déi d'Coursë besiche wiere Banker, Bankdirekteren, Dokteren a Juristen. D'Hallschent vun de Leit, déi géife matmaache wieren iwwer 65 Joer al, verschiddener souguer 80. Domat wier d'Altersmoyenne relativ héich. Am Ufank hätt verschiddener nach Angscht, bis elo hätt awer nach keen d'Coursen ofgebrach, seet d'Manette Hein.

Fir d'Nationalitéit ze kréien, mussen der Manette Hein hir Studenten noweisen, datt si e Cours iwwer d'Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn an op d'mannst 24 Stonnen un engem Lëtzebuergesch Cours deelgeholl hunn. D'MOIEN asbl bitt e 36 Stonne Cours un. D'Participante mussen also op d'mannst zu 70 Prozent vun der Zäit present gewiescht sinn.

De Geoff ass 59 Joer al an hie léiert Lëtzebuergesch aus zwee Grënn.

"Meng ganz Famill huet déi Duebel-Nationalitéit, ofgesi vu mir. Si sinn also all Lëtzebuerger a Briten. Et ass och wéinst dem Pass. Ech hätt gärén zwee Päss. Ech géing nämlech gär weider an der EU schaffen, wa Groussbritannien austrëtt."

Wéi dem Geoff seng Fra d'Lëtzebuerger Nationalitéit kritt hätt, wier d'Demarche nach vill méi schwéier gewiescht. Fir de Geoff, dee vill a laang geschafft huet, wier dat net a Fro komm. Elo, mat deem neien Nationalitéitegesetz, dat zënter dem éischten Abrëll dëst Joer a Kraaft ass, hätt sech d'Situatioun geännert.

"Ech war net esou begeeschtert, fir de Sproochentest ze maachen. A wann ech en dann net gepackt hätt, wier dat schwiereg ginn. Elo ass et vill méi liicht."

Lëtzebuergesch schwätze mécht d'Liewe méi einfach

Méi liicht ass et virun allem, well déi Leit, déi op d'mannst 20 Joer am Land liewen an dee 24-Stonniecours nowise kënnen, kee Sproochentest méi musse maachen. Fir de Barry ass et trotzdeem wichteg, am Cours nach eppes anescht ausser der Nationalitéit z'erreechen. Hie wéilt sech am Alldag gär kënnen mat Leit verstännegen, déi Lëtzebuergesch schwätzen. Dat géing d'Liewe fir hien, a fir déi aner Leit, méi einfach maachen, mengt de Barry.

Hien iwwerleet sech och no deenen obligatoresche 24 Stonne Lëtzebuergesch, fir d'Nationalitéit ze kréien, weiderzemaachen. Hie wéilt d'Sprooch gär fléissend schwätze kënnen.

Vill Coursë wiere schonn ausgebucht, kuerz nodeems d'Umellungen opgemaach ginn, seet d'Manette Hein, déi dëse Cours elo fir d'drëtte Kéier hält.

"Et sinn immens vill Leit, déi wëlle Lëtzebuergesch schwätze léieren a mir kënnen si wierklech net alleguerten huelen. D'Coursë sinn direkt voll. Natierlech kommen déi heite Leit fir déi lëtzebuergesch Nationalitéit, dat ass jo kloer. An awer wëlle si alleguer Lëtzebuergesch léieren."

Als Asbl wier et net esou einfach, Raimlechkeeten ze fannen, well et dacks u finanzielle Mëttele géing feelen. Donieft wier et och schwiereg genuch, Formateuren zesummenzekeréien.

Obschonns ee permanent géing sichen, wier et net sou einfach, well een zum Beispill een Agreement misst hunn. Am beschte wier eng Weiterbildung op der Uni Lëtzebuerg oder dem Sproochenzentrum.

D'Sandy Morais schafft zënter 2013 als eng vun den ongeféier 20 Formatricen an der MOIEN asbl. Déi jonk Fra huet dëst Joer hire Master op der Uni Lëtzebuerg am Fach: Langues, cultures et médias: Lëtzebuerger Studien ofgeschloss. Dës Formatioun géng engem spéider immens hëllef, fir méi speziell Fäll an Ausname vu Reegelen z'erklären.

Nieft de Sproochcoursë bitt d'Asbl och en Orthographiecours fir Ufänger an ee fir Avancéen un. Interessant wier, datt an deene Coursë souwuel Lëtzebuerger, wéi och net Lëtzebuerger deelhuefen, seet d'Sandy Morais, Formatrice vun der MOIEN asbl.

A Koppele wier et dacks wichteg, datt de Partner Lëtzebuergesch versteet a schwätze kann, fir mat der Famill an de Kanner kënne Lëtzebuergesch ze schwätzen. Allgemeng géifen awer och vill Lëtzebuerger, Lëtzebuergesch-Coursë besichen.

"Ech wëll Lëtzebuerger sinn"

De Clive wunnt zënter 28 Joer zu Lëtzebuerg, seng ganz Famill huet d'Nationalitéit, just hien net. D'nächst Joer soll et esou wäit sinn. Fir hie wier et elo un der Zäit, fir Lëtzebuergesch schwätzen ze léieren. Hie géng am Land wunnen a schaffen, seng Kanner géngen d'Sprooch schwätzen. Hie wëlt sech elo komplett als Lëtzebuerger fillen, seet de Clive.

D'Prunelle wunnt zënter zwee Joer zu Lëtzebuerg an ass zënter dräi Méint am Lëtzebuergesch Cours. Fir déi jonk Fra ass d'Schwätzen dat wichtegst.

D'MOIEN asbl ass vum Educationnsministère agreéiert. All d'Coursen hunn de Qualitéitslabel a ginn och subventionéiert, esou d'Formatrice Manette Hein. Dat géng et och erlaben, d'Coursen zu soziale Präisser unzebidden.

An der Mediathék vum Radio 100,7

[Dossier vum Dag](#) / 17. Nov 2017 - 07:20 / [Tessy Steffen Koenig](#)

[Lauschten](#)

Iwwert dëse Link kënnt Dir déi verschidden Temoignagé lauschten.

"LËTZEBUERGER SPROOCH FËRDEREN"

Luxemburger Wort Foto: Shutterstock

Veröffentlicht am Donnerstag, 16. November 2017



(mig) - Die Regierung möchte die Luxemburger Sprache und Kultur fördern. Den "20-Jahres-Plan" mit 40 Maßnahmen hatte sie bereits im März dieses Jahres vorgestellt. Diese Woche nun hat das Kabinett den Entwurf gebilligt, mit dem die Förderung des Luxemburgischen gesetzlich verankert werden soll.

"Interministerielle Comité"

Das Gesetz soll für eine **koordinierte Förderungspolitik in allen Bereichensorgen**, in denen die Luxemburger Sprache eine Rolle spielt (z.B. Bildung, Gesundheit, Kultur, Immigration, öffentlicher Dienst). Und weil es kaum einen Bereich gibt, in dem die Sprache keine Rolle spielt, wird ein **interministerielles Komitee** mit Vertretern aus sämtlichen Ministerien gegründet.

"Kommissär fir d'Lëtzebuenger Sprooch"

Das Komitee unterstützt den "**Kommissär fir d'Lëtzebuenger Sprooch**", dessen Aufgabe darin besteht, die Umsetzung des 20-Jahres-Plans zu koordinieren und eine nationale Plattform zu gründen, wo alle wichtigen Informationen zentralisiert werden.

Bildungsminister Claude Meisch und Kulturstatssekretär Guy Arendt zufolge ist das Interesse am Erlernen der Luxemburger Sprache bei Nicht-Luxemburgern sehr groß. So groß, dass es an Kursen und vor allem an Kursleitern fehlt. Der Kommissar hat als Aufgabe für ein **ausreichendes Angebot an Luxemburgisch-Kursen** zu sorgen.

"Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch"

Kernpunkt der Strategie ist die Schaffung eines "**Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch**", das mit einem Direktor und zwei administrativen Mitarbeitern besetzt wird. Zählt man den Regierungskommissar dazu, werden im Rahmen des Gesetzes **vier Posten** geschaffen.

Das Zentrum hat vielfältige Aufgaben, darunter die **Umsetzung der Sprachpolitik**, und gilt als allgemeines Informationsorgan im Zusammenhang mit der Luxemburger Sprache. Es ist für die Veröffentlichung der **Rechtschreib- und Grammatikregeln** verantwortlich, schafft Hilfsmittel aus, wie z.B. das **Online-Lexikon LOD**. Die Arbeit am Online-Lexikon ist Guy Arendt zufolge in den letzten Zügen und soll demnächst abschließen. Das LOD-Team werde in das **Zentrum integriert**. Eine andere Aufgabe des Zentrums ist das Organisieren von **Ausstellungen und Konferenzen** sowie eines jährlichen "**nationalen Tages der Luxemburger Sprache und Kultur**". Damit das Sprachförderprojekt seine Früchte trägt, ist eine enge Vernetzung zwischen Kommissar und Komitee und sämtlichen gesellschaftlichen Partnern Pflicht, ganz besonders jedoch mit den kulturellen Einrichtungen.

"Conseil fir d'Lëtzebuenger Sprooch"

Und dann gibt es noch den "**Conseil fir d'Lëtzebuenger Sprooch**" (seit 1998), ein elfköpfiges beratendes Organ, das zu Gutachten über die Rechtschreibung und Grammatik, aber auch zu Gesetzentwürfen im Zusammenhang mit der Luxemburger Sprache herangezogen wird.

Der Gesetzentwurf ist vorschriftsmäßig in französischer Sprache verfasst. Das "Exposé des motifs" allerdings wurde auf Luxemburgisch verfasst.

Bürgerforen im Frühjahr 2018

Die Regierung möchte die Zivilbevölkerung in eine breite öffentliche Debatte über die Luxemburger Sprache einbinden, zum Beispiel dank einer Internetplattform, auf der interessierte Bürger ihre Meinung kundtun können. Zwischen **Februar und April** werden zudem **Bürgerforen** mit unterschiedlichen Schwerpunkten organisiert. Die Vorschläge und Meinungen werden in einem **Bürgerbericht** gebündelt und sollen dann in die Ausarbeitung des 20-Jahres-Plans einfließen. Dieser wird **alle fünf Jahre** überprüft und gegebenenfalls angepasst. Ein Ziel des 20-Jahres-Plans ist die Anerkennung des Luxemburgischen auf EU-Ebene. Es soll erreicht werden, dass **Anfragen auf Luxemburgisch von den EU-Institutionen auf Luxemburgisch beantwortet** werden. Die Verhandlungen darüber führe das Außenministerium, so Bildungsminister Claude Meisch.

M E R C I

- *Den 884 Apprenante vum Schouljoer 2016-2017*
- *Der «Formation des adultes» vum Ministère de l'Education nationale*
- *All deenen, déi der Moien asbl Kllassesäll zur Verfügung stellen*
- *Dem Här Michel Weimerskirch vun der Lightbulb Web Agency*
- *De Memberen, déi d'Moien asbl ënnerstëtzen*
- *Den agréierte Formateurs, déi eng gutt Aarbecht leeschten an derzou bäidroen, datt d'Moien asbl mam Label de qualité vum SFA ausgezeechent ass*
- *Deene Leit, déi sech benevole ëm d'Aschreiwungen an der Gestion informatique vum Ministère bekëmmere an deenen, déi benevole fir d'Tresorerie, de Sekretariat an d'Gestioun zoustänneg sinn*
- *A schlussendlech de Comitésmemberen, déi fir e gutt Fonctionnement vun der Asbl suergen*

Denise Heiderscheid

Presidentin vum Conseil d'administration

***DE COMITÉ WËNSCHT IECH AN ÄRER FAMILL
E SCHÉINT A GLÉCKLECHT NEIT JOER***

